LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit, vum Inneminister a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°733 vum 15. Mee 2024 vun den éierewäerten Députéierten den Häre Marc Goergen a Ben Polidori iwwert "Subsides communaux pour les installations photovoltaïques"**

**Kënnen d'Ministeren oplëschten, wéi héich de maximale Subsid ass, deen déi eenzel Gemengen hei am Land fir de Kaf an d'Installatioun vun enger Photovoltaikanlag bäileeën?**

D'Gemenge ginn ënner anerem am Kader vum Klimapakt encouragéiert kommunal Bäihëllefe fir déi verschidde Mesure vum Klimaschutz an der Energietransitioun anzeféieren an esou hir Bierger zousätzlech zum nationale Klimabonusprogramm ze motivéiere Projeten ëmzesetzen. D'Klima-Agence stellt de Gemengen an dësem Kader e Règlement-type zur Verfügung fir eng méiglechst einfach Ëmsetzung sécherzestellen – d'Gemenge sinn natierlech fräi d'Héicht vun hire Bäihëllefe selwer ze definéieren.

De nationalen Aidesimulator (aides.klima-agence.lu) deckt an deem Sënn och net nëmmen déi verschidde Mesure vum Klimabonusprogramm of, mee och déi vun den Energiefournisseuren an de Gemengen. De Bierger kann sech esou fir säi Projet een Iwwerbléck iwwert all d'Bäihëllefe verschafen déi fir säi Projet relevant sinn.

Bei der Aktualiséierung vun den Informatiounen zu de kommunale Bäihëllefen ass d'Klima-Agence op d'Retoure vun de Gemengen ugewisen a geet dowéinst a reegelméissegen Ofstänn op si zou fir eventuell Ännerunge matzedeelen. De Simulator gëtt de Stand un dee vun der Gemeng matgedeelt ginn ass, et ass am Virfeld vun engem Projet recommandéiert d'Gemeng ze kontaktéieren.

Wat déi spezifesch kommunal Bäihëllefen am Beräich vun de PV Anlagen ubelaangt, kann ee konstatéieren datt déi meescht Gemengen e Pourcentage vun der finanzieller Ënnerstëtzung um nationale Niveau virgesinn. Bei Eefamilljenhaiser gi ronn 70% vun de Gemengen esou en zousätzleche Pourcentage, de Spektrum läit hei tëscht 10% a 75% - déi meescht Gemengen (ronn 35%) ginn eng Ënnerstëtzung vu 25% un. Bei Residencen ass d'Bild generell änlech, den Taux vun de Gemengen déi e Pourcentage virgesinn ass mat 64% liicht méi niddereg.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit